# ZOOM. D'STUDENTENZEITUNG

## IWWERBLÉCK


**WAT MÉCHT D'ACEL?**

2 Léier d'ACEL an hir Aufgabe besser kennen: Regruppement, Informatioun, Representatioun

**WIEN ASS D'ACEL?**

3 Wien stécht hannert der ACEL? Präsentatioun vum Comité 2026

**STUDENT FIR 1 DAG 2026**

4 Och dëst Fréijoer an der Ouschtervakanz, 2026 awer nei: eng Hierscht-Editioun vum fachspezifesche Sf1D, den 28.11.

**STUDENTEGUIDE.LU**

6 D'Websäit fir Perspektiv: viru, wärend an nom Studium & d'ACEL op Visitt an de Lycéeën

**REEL 2026**

7 D'Presidentin vun der REEL Oochen am Interview

**LOGEMENT FIR STUDENT:INNEN**

8 Vu wunne bis Transport: wéi sinn d'Student:innen betraff a wat muss sech änneren?

**TOURNOI DE NOËL**

9 Réckbléck op de Sports-Tournoi 2025 a Virfreed op de vun dësem Joer

**STUDENTEFOIRE**

10 Den 29. an 30.10. an der Coque um Kierchbierg, erweidert mat enger méi breet gefächerter Offer un Exposanten

**AIDEN & FINANZÉIERUNGEN**

12 Nei Gesetzer fir d'Studentebourse an d'Finanzéierung vun den Doktorater

**25 JOER STUDENTEBAL**

14 Ee Bal dee säi 25. Jubiläum anstänneg konnt feieren & dem ACELi säi Rätsel

**INTERCERCLEN & NEI CERCLEN**

16 Wou d'Student:innen sech erëm gesinn & Cerclen sech nei zesummendinn

**EIS MEMBERSCERCLEN**

18 Iwwersiicht vun den 48 Membercerclen vun der ACEL




## VIRWUERT

**Léif Lieserinnen, léif Lieser,**

an enger Publikatioun wéi dem ZOOM stécht vill Aarbecht. Vill Aarbecht kennt een als Student:in, virun allem wann een nach een Engagement op sech hëllt. Mee et mëscht een et gär an et ass d'Passioun déi een undreift. Dat beschreift d'Aarbecht vun - an ënnerhalb - der ACEL, dem Studentevertrieder, zimmlech gutt.

De Studium ass eng wichteg Etapp fir eis alleguer, eis Studentenzäit wier awer net déi selwecht wann et d'ACEL an hir Cercleswelt net géif ginn. Sief et déi flott Stammdëscher an Events déi de Cercle an der eegener Studiestad organiséiert, de gudde Rot deen ee vum fachspezifesche Cercle kritt oder déi vill Intercerclen d'ganzt Joer iwwer wou ee seng Kolleegen aus anere Stied erëm gesäit an nei Frëndschaften knäppt.

Esou ass de ZOOM net just eng alljärlech Virstellung vun der ACEL an hire Membercerclen, mee präsentéiert och, wat eis als Student:innen säit Joren nieft dem Studium beschäftegt an undreift. A wéineg Dossieren, Projeten an Evenementer eis Energie rafléisst a woumat mir eis Zäit verbréngе wann de Laptop eemol aus, d'Uni zou an d'Aarbecht gemaach ass.

Traditionell ass de ZOOM un d'Studentefoire gekoppelt, fir engersäits d'Invitatioun auszeschwätzen eis den 29. an 30. Oktober 2026 an d'Coque um Kierchbierg besichen ze kommen. Anerersäits ass et e flotte Moment, ee Réckbléck op dat lescht Joer vun der ACEL ze ginn.

Am Kader vun eisen dräi Piliere kritt dir also an den nächste Säiten den Aktivitéitsrapport vun der Informatioun, der Representatioun an dem Regruppement.

Net nëmmen d'Studentefoire feiert dës Woch mat hirer 40. Editioun een Anniversaire mee och De Studentebal konnte mir dëst Joer fir d'25. Kéier organiséieren. Ugestouss gouf mat der eegener Drëpp, der Miracel, déi scho verréit no wat se schmaache soll, a spéitstens bei der oranger Faarf mëscht een de Lien zum Studentevertrieder.

De Lien zum Studentevertrieder wosst och d'Lëtzebuerger Politik ze zéien. Esou hat d'ACEL eng Plaz um Dësch wéi d'Gesetz vun der Aide financière nei verhandelt gouf an, genausou wéi d'neit Gesetz vun der Finanzéierung vum Doktorat, an der Chamber gestëmmt gouf.

Och dëst Joer nei ass d'Hierscht-Editioun vum Fachspezifesche Student fir 1 Dag. Wien sech also elo grad iwwerleet ob ee gewësse Studiegang engem wierklech läit, muss net bis d'Fréijoer waarde mee huet d'Méiglechkeet, den 28. November op de Campus Belval ze kommen an un engem vun de ville Workshops vun eise Fachspezifesche Cerclen deelzehuelen.

Deelgeholl hunn eis Cerclen da par contre am Studentecorner, wou se konnte live um Eldo lauter Informatiounen zu - an Anekdoten aus - hirer Studiestad a Studiegäng deelen. Net just um Radio mee och op de soziale Medien ass d'ACEL aktiv: esou si jeeweils d'international Deeg vun der Demokratie an der Jugend online thematiséiert ginn a maachen de Wee op fir weider Thematiken déi besonnesch relevant fir eis Generatioun, a soumat Zukunft, sinn.

Op digital hu mir virun engem Joer och gesat wéi mer aus eise gedréckte Guiden eng interaktiv Websäit gebaut hunn. Studenteguide.lu deelt sech zwar nach den Numm an Informatiounen aus dem kompakten De Studenteguide, couvréiert awer zousätzlech eng Panoplie un Artikelen, dëst iwwer 6 Rubricken.

Also jo, et stécht vill Aarbecht an der ACEL, a jo, mir studéieren och. Mee dat engt wier net vollstänneg ouni dat aner. Genausou wéi dës Editioun vum ZOOM net vollstänneg wier ouni ee motivéierten an engagéierte Comité nieft mir. Vill Spaass beim Liesen (a Rätselen)!

**Jo-Anne MAATHUIS**
**Vizepresidentin Informatioun**



# WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass den Daachverband vun de Lëtzebuerger Studentecerclen a vertrëtt d'Lëtzebuerger Student:innen zu Lëtzebuerg an am Ausland, auslännesch Student:innen zu Lëtzebuerg, souwéi Student:innen, déi am Kader vun hirem Studium a Kontakt mat der Lëtzebuerger Héichschoulpolitik oder Administratioun sinn.

Si gouf 1984 op der éischter Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL) zu Karlsruhe gegrënnt an ass säitdeem eng parteipolitesch neutral Vertriedung vun de Student:innen. Zu den Haaptaufgabe vun der ACEL gehéieren d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwer déi verschidde Studiegäng an deene verschiddene Studiestied ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen, a se duerch e permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren ze representéieren.

Haut vertrëtt d'ACEL iwwer 45 Studentecercelen, déi duerch ganz Europa an Nordamerika verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Irland, an Holland an a Portugal. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Student:innen wärend hirer Studienzäit an hirer Studentestad, bidden Äntwerten op hir Froen a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen an se doduerch zesummenzebréngen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Infirmerie-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/Bibliothekär-, d'Ingenieurs-, d'Historiks-, d'Sport-, d'Politik- a Gesellschaftswëssenschafts- an d'Pädagogikstudent:innen.

Domat vertrëtt d'ACEL iwwer 10.000 Student:innen, wat si zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg mécht.

ACEL
de Studentevertrieder

IWWER 45 CERCLEN
VERDEELT OP 10 LÄNNER
10 000 STUDENT:INNEN



# WAT ASS DER ACEL HIR AUFGAB?

## MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun der ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschiddene Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschidden Evenementer wéi een Tournoi de Noël an ee Quizowend. Dat gréisste vun dësen Eventer ass a bleift awer De Studentebal, deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept brëngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studiestied zesummen. Den Erléis gëtt integral un d'Cerclë gespent.

E weidert Event ass den Tournoi de Noël, deen alljoers zesumme mat der LASEL um Geesseknäppchen am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend zwee Deeg am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden. Den Erléis dovu gëtt ëmmer un de gudden Zweck gespent.

Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi alljoers ronn 150 Lëtzebuerger Student:innen an enger europäescher Studiestad zesummebréngt, ass e wichtegt Evenement, dat d'Student:inne vereent.

## MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, datt d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwer hir Méiglechkeeten nom Lycée, wärend dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn.

D'Publikatioun "De Studenteguide" ass vollgepak mat Informatiounen zu Problemer déi enger Student:in am Alldag kënne begéinen, wéi zum Beispill Problemer mat Behörden an de verschiddene Studielänner. Säit 2020 kritt all Ofschlossschüler:in aus dem Secondaire dëse Guide.

Säit Oktober 2025 gëtt et déi nei Plattform studenteguide.lu déi eis fréier Publikatioune "Guide du Futur Étudiant" a "Guide du Futur Diplômé" ofgeléist huet. Hei fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwer déi verschidde Studiestied, wéi och iwwer déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. Se gëtt de Student:innen awer och eng ganz Rei Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Berufswelt erliichtere sollen.

Fir de Schüler:inne bei hirer Entscheedung iwwert zukünfteg Studien ze hëllefen, organiséiert d'ACEL alljoers de Student fir 1 Dag. Hei hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, mat organiséiertem Transport per Fliger, Bus oder Zuch an op Eegeninitiativ an hir zukünfteg Studiestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuerger Studentinnen d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeete weisen ze loossen. Fir de Schüler:innen och een Abléck an eng gewësse Fachrichtung kënnen ze ginn, organiséiert d'ACEL, zesumme mat hire fachspezifesche Cerclen, zweemol am Joer de fachspezifesche Student fir 1 Dag.



D'ACEL an hir Membercerclë sinn och alljoers op der Studentefoire vertrueden, déi am Oktober stattfënnt. Hei kréien zukünfteg Student:innen esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee an hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, gi beäntwert. Dëst Joer couvréiert d'Studentefoire och Acteuren aus der Beruffswelt souwéi aus dem Engagement.

Donieft geet d'ACEL reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwert d'Studien ze informéieren. D'Schüler:inne kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuerger Student:innen a kënnen sech all hir Froen iwwert d'Studieliewe beäntwere loossen.

## MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Informatioun vertrëtt a verdeedegt d'ACEL d'Student:inne an hir Rechter virun den politeschen Autoritéiten. D'ACEL ass ideologesch a parteipolitesch neutral, dat heescht, datt si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, wëll gerecht ginn.

An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, dem Aarbechtsministère, dem Gesondheetsministère wéi awer och mat all anerem Ministère deen d'Situatioun erfuerdert.

D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten a steet hinnen do och bei Froen zur Verfügung.

Wichteg Themen, déi d'ACEL behandelt sinn zum Beispill d'Bourse, d'Stagegesetz, den Transport an de Logement vun de Student:innen zu Lëtzebuerg, wéi awer och am Ausland, de Pensiounssystem oder de Rundfunkbeitrag, fir der nëmmen ee puer ze nennen.

**Mattis NOËL**
**President**



# WIEN ASS D'ACEL?

**Du hues dech schonn ëmmer gefrot wien alles hannert der ACEL stécht? Hei hues du ee klengen Iwwerbléck iwwert eise Comité.**



**Mattis NOËL**
**President**
Internationale Entwicklungen zu Wien



**Jo-Anne MAATHUIS**
**Vizepresidentin Informatioun**
Culture, Organization & Management zu Amsterdam



**Félix MERTENS**
**Vizepresident Regruppement**
Sciences actuarielles zu Bréissel



**Pit FELTES**
**Vizepresident Representatioun**
Physik zu Karlsruhe



**Lena GREIN**
**Sekretärin**
Applied Economics zu Wien



**Maya LENERTZ**
**Tresorière**
Umweltingenieurwesen zu München




**Fränk PRIM**
**Informatiker**
Medical Informatics zu Heilbronn



**Noémie WELSCHER**
**Grafikerin**
Medezin zu Nanzeg



**Gianni DI PAOLI**
**Coopté**
Physik zu München



**July MENDES**
**Sponsoring**
International Business zu Amsterdam



**Diana DA SILVA LOPES**
**Comitésmember Informatioun**
Soziologie zu Heidelberg



**Emilia MAAR**
**Comitésmember Informatioun**
Film- & Medienkultur-Forschung zu München



**Kate BREMER**
**Comitésmember Informatioun**
Bildungswissenschaften zu Heidelberg



**Yola SAVIC**
**Comitésmember Regruppement**
Film- & Medienkultur-Forschung zu München



**Cyril WAGNER**
**Comitésmember Regruppement**
Bachelor en Formation Pédagogique zu Lëtzebuerg



**Sarah GOEDERT**
**Comitésmember Regruppement**
Didactique des sciences zu Montpellier



**Sarah STOCKREISER**
**Comitésmember Representatioun**
Management des Organisations & Développement responsable zu Montpellier



**Joao BORGES**
**Comitésmember Representatioun**
Biologie zu Stroossbuerg



**Teo SCHROEDER**
**Comitésmember Representatioun**
Politique et Relations internationales zu Bréissel


ZOOM 2026 — D'STUDENTENZEITUNG VUN DER ACEL 3

# STUDENT FIR 1 DAG 2026

Wat well ech studéieren? Wéi ass et, an enger anerer Stad ze wunnen? Wéi eng Universitéit passt eigentlech bei mech? Fir Schüler:innen, déi sech dës Froe stellen, bitt d'ACEL mat hirem Projet Student fir 1 Dag d'Méiglechkeet, d'Studentenliewen fir een Dag selwer kennenzeléieren.

D'Decisioun fir e Studium ass e wichtege Schrëtt. Gläichzäiteg ass et net ëmmer einfach, sech virzestellen, wéi den Alldag op enger Universitéit ausgesäit. Websäiten, Broschüren an Informatiounsveranstaltungen kënnen zwar éischt Informatioune ginn, mee e richtegen Abléck kritt een eréischt, wann een d'Uni an d'Studentestad selwer erlieft.

Och dëst Joer huet d'ACEL erëm déi beléiwsten Unisstied an der Ouschtervakanz mat de Schüler:inne besicht. Dobäi waren: Amsterdam, Berlin, Bingen, Bonn, Bréissel, Düsseldorf, Freiburg im Breisgau, Fribourg, Heidelberg, Innsbruck, Kaiserslautern, Karlsruhe, Köln, Léck, Lausanne, Louvain, Maastricht, München, Oochen, Paräis, Stroosbuerg, Tréier, Wien an Zürech.

Zësumme mam Comité vun der ACEL hunn d'Schüler:inne sech moies mam Bus, Zuch oder Fliger op de Wee gemach. Fir déi meescht Destinatioune gouf e Bus organiséiert, dee vun Ettelbréck a vum P&R Bouillon an der Stad fortgefuer ass. Fir Berlin a Wien gouf d'Rees mam Fliger ugebueden an op Tréier goung et mam Zuch. E puer méi wäit ewech geleeë Stied, bei deenen eng Dagesrees mam Bus net esou einfach méiglech war, goufe mat Transport op eegen Initiativ organiséiert.

Fir eemol méi op de Programm anzegoen: An der Stadt ukomm, huet de Studentecercle d'Schüler:innen op der Platz begréisst. Si hunn se den Dag iwwer begleedt an hinnen hir Stad, hir Unisgebäier an dat deeglecht Studentenliewen gewissen. Nieft dem Programm haaten d'Schüler:innen dacks awer och nach e bëssen Fräizäit, déi si genotzt hunn, fir d'Stad op eege Fauscht ze entdecken. Sou konnte si sech selwer en Androck maachen, wéi et wier, do ze wunnen an ze studéieren.

Am Kader vun der Studieninformatioun bitt d'ACEL och de fachspezifesche Student fir 1 Dag un, bei deem d'Studierichtung am Mëttelpunkt steet. Déi éischt Editioun vun dësem Joer huet am Mäerz um Belval statt fonnt, déi zweet steet den 28. November un. Hei stellen sech déi fachspezifesch Cercle vir a beäntwerten de Schüler:innen all hir Froen ronderem hir spezifesch Fachrichtung.

De Student fir 1 Dag gëtt de Schüler:innen d'Méiglechkeet, direkt mat Student:innen a Kontakt ze kommen an aus éischter Hand méi iwwert hire Studium an hir perséinlech Erfarungen gewuer ze ginn.

**Emilia Maar**
**Comitésmember Informatioun**






## DEI WICHTEGST INFORMATIOUNEN AM IWWERBLÉCK:

**Bis wéini kann ee sech umellen?**
Bis dräi Schaffdeeg virun der Rees. D'Plaze si limitéiert, déi éischt si vir!

**Wat ass alles am Präis mat dran?**
Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Mëttegiessen (a bei spéider Arrivée zu Lëtzebuerg och nach een Owesiessen) am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun München, Innsbruck, Lausanne a Fribourg) och den Transport mam Bus respektiv Fliger am Präis mat abegraff.

**Ech sinn net op der Première, dierf ech awer deelhuelen?**
Jo, jiddereen, dee wëll, dierf um Student fir 1 Dag deelhuelen.

**Wou kann ech mech informéieren?**
All d'Informatioune fënns du op acel.lu/sf1d. Bei Froe kanns du eis och direkt iwwer Facebook, Instagram oder per E-Mail op **contact@acel.lu** erreechen.

**Ween organiséiert de Student fir 1 Dag?**
De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cerclen aus de jeeweilege Stied, souwéi vu Voyages Emile Weber an der Luxair organiséiert. An der Studiestad ginn d'Schüler:innen déi ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Student:innen aus der jeeweileger Stad encadréiert.

Sf1D Student fir 1 Dag
DENG REES! FÄNKT ELO UN

WAT ? Sief Student fir 1 Dag, looss dir de Campus vun der Uni, d'Stad oder d'Fach vun de Lëtzebuerger Student:innen op der Plaz weisen.

WÉINI ? • Fir d'Stied: wärend der Ouschtervakanz • Fir d'Fächer: am Fréijoer & Hierscht

WOU ? An den Unisstied uechter ganz Europa an zu Lëtzebuerg. De geneeë Programm fënns de ënnert: sf1d.acel.lu

PRÄIS ? 10 - 120 € je no Stad/Fach (Mëttesiessen an Transport je no Stad/Fach inclus)

WÉI ? Informéiere kanns de dech op acel.lu/sf1d SCAN MECH

SPUERKEESS Partenaire officiel · emile weber all about your journey · Luxair · 100,7 radio · CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG · Luxemburger Wort www.wort.lu · BeFresh

L'offre combinée Mobile & Internet
POP
Forfait POP Mobile XL
25€ /mois*
jusqu'à vos 26 ans
50€
Data illimité
+ un pack bancaire eboo gratuit* !
*Voir conditions sur
post.lu/promo-jeunes
POST LUXEMBOURG

# STUDENTEGUIDE.LU ENTDECKEN

Du hues deng Première gepaakt an du weess nach net genau wat s du elo maache wëlls? Oder bass du nach ee Lycéesschüler:in, deen:déi sech gären iwwert zukünftegt Méiglechkeeten informéiere well? Dann klick dech duerch eis Websäit studenteguide.lu!

Eise Site ass net nëmme fir Schüler:innen geduecht, mee och fir Student:innen. Do fënnt een eng Rëtsch interessant Artikelen, wéi zum Beispill Informatiounen iwwert deng Studentestad, déi du vläicht nach net wosst oder wann s du op der Sich no engem Master- oder Doktoratstudium bass. Fäerdeg mat Studéieren? Dann fënns du op eiser Websäit och Artikele mat wichtegen Informatiounen iwwert d'Aarbechtswelt, ënner anerem zu der Krankekeess a Pensiounskeess.

De Site studenteguide.lu couvréiert 37 Studentestied an 12 verschiddene Länner, 10 Fachrichtungen, 37 BTSen an och aner Informatiounen, déi der Perspektiv (GapYear, Erasmus, Fuerschung, Stagen …), dem Iwwergang an d'Aarbechtswelt (Aarbechtssich, Rechter, Aarbechtssecteuren ...) an dem nächsten Abschnitt vum Liewen (Logement, Assurance, Steieren …) déngen.

Eng weider Publikatioun, an domat déi eenzeg déi et nach am Pabeierformat gëtt, ass De Studenteguide. Dëst ass eng Informatiounsbroschür déi mir säit 2019 all Joer vu Grond op iwwerschaffen an aktualiséieren. Hei fënnt ee relevant Informatiounen zu administrativen Demarchen an de verschiddenen Studentestied an déngt als Hëllefsstellung bei bürokratesche Problemer. Dëst Joer si Kapitelen zum Studium an Irland, Portugal a Kanada sou wéi zum Studium mat Beanträchtegung, zum Doktorat, an zum Erasmus bäikomm. Säit 2020 kritt all Ofschlossschüler:in aus dem Secondaire dëse Guide mat sengem/ hirem Diplom iwwerreecht. Op der Studentefoire kann een sech d'Editioun vun 2026 och mathuelen.

D'ACEL ass engagéiert an de kommende Joren den Inhalt ze erweideren an auszebauen, fir dat mir den (zukünftegen) Student:innen op hirem Wee hëllefe kennen. Duerch den digitale Site sinn d'Artikelen ëmmer a vun iwwerall aus zougänglech a brëngt d'ganz Joer iwwer déi aktuellst Informatiounen.

**Diana Da Silva Lopes**
**Comitésmember Informatioun**




# STUDIENINFORMATIOUNEN

Am Kader vun de Studieninfoe geet d'ACEL reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën am Land fir d'Schüler:innen ze informéieren an hier Froen iwwer de Studium, d'Uni an hier Zukunft ze beäntweren.Hei kënnen d'Lycéeën uginn ob si d'ACEL fir eng Präsentatioun an/ oder ee Foiresstand alueden. Mir sinn houfreg op déi 17 Schoulen déi mir am akademesche Joer 2025/2026 konnte besiche goen a freeën eis iwwert all nei Ufro déi erakënnt. Zousätzlech bidde mir d'Méiglechkeet, eis fachspezifesch Cerclë mat unzefroen. Am Fall wou eng Schoul also eng oder méi Studierichtung besonnesch fërdert, kënnen si déi jeeweileg Cerclë mat alueden.

Falls Dir drun interesséiert sidd, datt mir och an Äre Lycée kommen, kennt dir lech direkt bei eis mellen: de Formulaire fir d'Ufro fann dir op acel.lu/studieninfo. Bei anere Froe kenn dir eis kontaktéieren op si@acel.lu

**Kate Bremer**
**Comitésmember Informatioun**

# REEL 2026: INTERVIEW MAM LENY NICKELS

Vum 24. bis de 27. September 2026 huet déi 42. Editioun vun der Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL) zu Oochen stattfonnt. Ronn 120 Student sinn do zesummekomm, fir sech auszetauschen, nei Kontakter ze knäppen an iwwer d'Thema „Gerontokratie an Zukunftsfäegkeet" ze diskutéieren. Mir hu mat der REEL-Presidentin Leny Nickels e puer Deeg virun der REEL iwwer d'Organisatioun, de Programm an seng perséinlech Erfarunge geschwat.

**• Wat ass d'REEL a wat bedeit se fir dech perséinlech?**
D'REEL ass en Zesummekomme vu ronn 120 Student:innen, déi sech all Joer am September fir véier Deeg an enger Stad treffen. Am Mëttelpunkt steet all Joer en Thema, zu deem Workshops, Debatten an Diskussiounen organiséiert ginn. Natierlech dierf och de soziale Programm net feelen, mat Owesevenementer an engem Rallye.

D'Zil ass et, nei Kontakter ze knäppen – souwuel mat Partner, bei deenen een eventuell spéider schaffe wëll, wéi och mat Student:innen aus dem ganze Land. Fir mech ass d'REEL virun allem eng Plaz, wou een nei Leit kenneléiert an Erfarunge mécht, déi ee laang mat sech dréit.

**• Wéi vill Aarbecht stécht hannert der Organisatioun vun enger REEL?**
Vill méi, wéi een am Ufank mengt. Et muss alles bis an de leschten Detail geplangt ginn: d'Locations, d'lessen, d'Owesevenementer, d'Partner, d'Opdeelung vun de Leit an d'Kommunikatioun mat allen Acteuren.

Och wann een d'Gefill huet, scho bal alles organiséiert ze hunn, kommen ëmmer erëm nei Saachen dobäi. Et ass vill Koordinatioun, vill E-Mailen a vill Ofstëmmung. Schlussendlech ass et virun allem d'Masse vun de klengen Detailer, déi vill Zäit an Energie kaschten.

**• Firwat fënnt d'REEL dëst Joer zu Ooche statt?**
All siwe Joer ass d'REEL zu Oochen, dat ass quasi en ongeschriwwent Gesetz. Déi lescht REEL hei war 2019, also ass et dëst Joer nees un eis. Dat ass awer nëmme méiglech, well mir genuch motivéiert Leit fonnt hunn, fir e Comité op d'Been ze stellen. An ech muss soen: Ech hätt mir kee bessere Comité kënne wënschen.

**• Firwat hutt dir iech fir d'Thema „Gerontokratie an Zukunftsfäegkeet" entscheet?**
Am Ufank hu mir zesumme mat der ACEL eng Lëscht mat méiglechen Themen opgestallt. Duerno hu mir gekuckt, wat aktuell gutt zur politescher Situatioun zu Lëtzebuerg passt.

Dobäi ass d'Fro opkomm, ob déi Jonk genuch an der Politik vertruede sinn a firwat dat eventuell net de Fall ass. Besonnesch déi jonk Generatioun wäert d'Konsequenze vun den Entscheedunge vun haut nach vill méi laang spieren. Dofir hu mir fonnt, datt dëst Thema aktuell a relevant ass.



**• Wéi gesäit de Programm dëst Joer aus?**
D'REEL start en Donneschdeg mat Workshops vun der ACEL, duerno kommen den Check-in, Partnervirstellungen an d'Partnerfoire. Owes gëtt et e Walking Dinner an eng privat Soirée fir d'REELaner.

Freides stinn Visitten an de Rallye um Programm. Owes geet et an e Restaurant an dono op eng ëffentlech 2010er-Party.

Samschdes ass d'Journée politique. No enger Begréissung vu mir ginn et Monologe vun der Héichschoulministesch Stéphanie Obertin an dem Deputéierte Ben Polidori. Duerno ginn am Ganze 4 Workshops gehaal déi op zwou Table-ronden virbereeden: eng iwwer Jugend a Politik an eng iwwer Reformfäegkeet an Digitaliséierung. Dobäi sinn den Haut Patron Jean-Claude Juncker, d'Députéiert Djuna Bernard a Sven Clement, de Liam Bremer, President vum Jugendrot, d'Alix Ramos vum SNJ, de Patrick Dury vun der LCGB de Marc Lauer vun der UEL an de Mattis Noël, President vun der ACEL, deen an deenen 2 Table Ronden dobäi ass.

Sonndes gëtt gebruncht, dono geet et op eng vun de Visitten: mat dobäi eng Schwemm, en Zoo, eng Wäin- oder eng Béierdegustatioun, ier et fir eis midd REELaner zeréck heem geet.

**• Wat wier fir dech Sonndes owes d'Zeechen, datt d'REEL 2026 een Erfolleg war?**
Wa Sonndes owes jidderee midd, do steet, dann si mir ganz zefridden. Soulaang jideree midd a zefridden heem fiert war et en Erfolleg.

**• Firwat soll jiddereen op d'mannst eemol un enger REEL deelhuelen?**
Ech géif jidderengem eng REEL uroden. Et ass en eenzegaartegt Erliefnis, an och wann een eng zweete Kéier dobäi ass, geschéien ëmmer nees nei eenzegaarteg an onvergiesslech Saachen.
Et léiert ee Leit kennen, deenen een am Alldag vläicht ni begéint wier. Et entsti Kontakter duerch d'ganzt Land, Erënnerungen, déi bleiwen, an och Frëndschafte fir d'Liewen.

**• Wat fir positiv Erfarungen hues du als REEL-Presidentin gemaach déi aner Cerclë motivéiere sollen och eng REEL ze organiséieren?**
Ech hu bal nëmme positiv Erfarunge gemaach. Ech hunn déi Leit a mengem Comité zwar scho virdru kannt, mee eis Frëndschafte sinn duerch déi intensiv Zesummenaarbecht nach méi staark ginn.

Mir hu vill zesummen decidéiert, Problemer geléist an eis organiséiert. Bei eiser Klausurtagung hu mir net nëmme geschafft, mee och Aktivitéiten an Teambuilding gemaach. Genee esou Erfarunge bleiwen engem.

Doweinst géif ech och anere Cerclë kloer recommandéieren, selwer eng Kéier sou eppes wéi eng REEL ze organiséieren.

**Pit Feltes**
**Vizepresident Representatioun**












# LOGEMENTER FIR STUDENT:INNEN

Eng passend a bezuelbar Wunneng ze fannen, ass fir vill Student:innen eng vun de gréissten Erausfuerderunge vum Studium. Fir besser ze verstoen, wéi si hir Situatioun erliewen, huet d'ACEL eng Ëmfro zum Logement an zur Mobilitéit duerchgefouert. Insgesamt hu 432 Persounen deelgeholl. Ronn 85 Prozent dovu studéieren zu Lëtzebuerg, déi meescht op der Universitéit Lëtzebuerg. Wéi eng Haaptpunkten heibäi erauskomm sinn, gëtt hei eng Kéier zesumme gefaasst:

Ronn een Drëttel vun de Befrote wunnt eleng, bal genausou vill liewen an enger WG. Besonnesch international Student:innen sinn op dës Wunnformen oder Studenteresidenzen ugewisen, well si am Géigesaz zu ville Lëtzebuerger Student:innen dacks net op e familiärt Netz zeréckgräife kënnen.

Méi wéi d'Hallschent vun de Befrote fënnt et schwéier, eng Wunneng an enger Studenteresidenz ze kréien. Als Problemer goufe laang Waardezäiten, feelend oder verspéit Äntwerten an en onkloere Suivi vun der Demande genannt. Fir déi Betraffen ass net ëmmer ersiichtlech, wou hiren Dossier drun ass oder wien hir Froen beäntwere kann.

Net all Gruppe sinn am selwechte Mooss betraff. Bei de Student:innen aus Net-EU-Länner beschreiwe bal 69 Prozent de Prozess als schwéier. Wa si keng Plaz an enger Residenz kréien, bleift hinnen dacks nëmmen de private Wunnengsmaart. Insgesamt ass dësen no engem Refus déi heefegst Alternativ. Lëtzebuerger Student:innen kënnen an där Situatioun méi dacks doheem wunne bleiwen. Um private Marché stousse si awer op héich Loyeren, streng Akommeskrittären an eng limitéiert Offer. An den oppene Bemierkunge vun der Ëmfro goufe Präisser vun iwwer 1.000 Euro fir een Zëmmer genannt. Fir verschidde Befrote geet domat e groussen Deel, heiansdo bal dat ganzt disponibelt Akommes, fir de Loyer drop.

Nieft dem Präis spillt och d'Qualitéit eng Roll. Problemer mat der Maintenance, der Hygiène oder dem Kaméidi kënnen de Wunnalldag zousätzlech belaaschten. D'Folge si méi wäitreechend, wéi et op den éischte Bléck schéngt: Stress, laang Pendelweeër an eng mental Belaaschtung kënnen sech och negativ op de Studium auswierken.

## MÉI FLEXIBILITÉIT WÄREND DEM STUDIUM

Eng weider Fro betrëfft déi maximal Wunndauer an de Residenzen. Vill Student:innen verstinn, datt eng Rotatioun néideg ass, fir Plaze fir nei Bewunner fräizemaachen. Gläichzäiteg gëtt den aktuelle System dacks als ze strikt empfonnt.

Dat gëllt besonnesch fir Doktoranden, déi an der Reegel méi laang wéi zwee Joer un hirer Promotioun schaffen. Allgemeng kann d'Méiglechkeet, eng Wunneng nach virum Ofschloss vum Studium ze verléieren, fir grouss Onsécherheet suergen. Eng méi flexibel Reegelung, déi sech un der reeller Studiendauer orientéiert an a begrënnte Fäll eng Verlängerung erlaabt, kéint hei hëllefen.

## WUNNEN A MOBILITÉIT HÄNKEN ZESUMMEN

D'Wunnengssich kann net onofhängeg vum Transport betruecht ginn. Eng méi bëlleg Wunneng méi wäit vum Campus ass nëmmen dann eng realistesch Alternativ, wann d'Verbindung zouverlässeg ass. Bal d'Hallschent vun de Befrote fënnt, datt d'Rees mam ëffentlechen Transport ze laang dauert. Genannt goufe virun allem Verspéidungen, vill Ëmklammen a feelend direkt Verbindungen.

De gratis ëffentlechen Transport ass fir vill Student:innen eng wichteg finanziell Entlaaschtung. D'Qualitéit vun de Verbindungen entscheet awer mat doriwwer, wéi grouss de Radius ass, an deem si no enger Wunneng siche kënnen. Méi direkt Verbindungen op d'Campusstanduerter an eng besser Upassung un d'Courszäite kéinten dofir och den Drock um Wunnengsmaart ronderëm d'Campussen e bëssen erliichteren.

## WAT MUSS SECH ÄNNEREN?

D'Resultater ënnersträichen de Besoin fir méi bezuelbare Wunnraum, besonnesch an der Géigend vun de Campusstanduerter. Gläichzäiteg brauch et méi transparent Vergabekrittären, eng verständlech Kommunikatioun an e klore Suivi vun den Demanden fir eng Studenteresidenz ze kréien.

Fir d'ACEL soll d'Situatioun vun de Student:innen als eegene Bestanddeel vun der nationaler Logementspolitik betruecht ginn. Dobäi muss och de spezifesche Besoin vun internationale Student:innen berécksiichtegt ginn. Staat, Gemengen, Universitéit a privat Acteure kënnen hei nëmmen zesummen eng nohalteg Offer schafen. D'ACEL fuerdert dowéinst e nationalt Studentewunnengsgesetz bis 2028.

Eng Wunneng ass wärend dem Studium net nëmmen eng Plaz fir ze schlofen. Si bitt Stabilitéit, Sécherheet an d'Méiglechkeet, sech op seng Ausbildung ze konzentréieren. Gutt Studien- a Liewensbedéngunge fänken dofir och bei engem accessibelen, bezuelbaren a qualitative Logement un.

Och am Transport brauch et Verbesserungen. Méi direkt an zouverlässeg Verbindungen op d'Campusstanduerter, besser Uschlëss an d'Unpassen un d'Courszäiten géifen d'Studenten den Alldag erliichteren. Duerch ee besser verbonnenen ëffentlechen Transport hätten d'Student:innen d'Méiglechkeet méi wäit vum Campus no bezuelbarem Wunnraum ze sichen.

**Sarah Stockreiser**
**Comitésmember Representatioun**







# TOURNOI DE NOËL

Den 22. an 23. Dezember 2025 hu mir eisen traditionellen Tournoi de Noël um Geesseknäppchen zesumme mat der LASEL organiséiert. Dës Editioun hunn sech 30 Student:innecerclen an de Sportshale vum Geesseknäppche getraff a si géinteneen ugetrueden.

Nodeems Dënschdes moies d'Qualifikatiounen am Basketball an am Volleyball gepakt ware, goung et Mëttes ëm d'Coupen. An der Finall vum Volleyball konnten déi Kölner Student:inne hiren Titel verteidegen. Fir d'Oochener ass et leider knapp net duer gaangen a si hunn déi zweet Plaz um Podium missten anhuelen. Déi drëtt Plaz goung un d'Student:innen vu Bréissel.

Beim Basket hunn d'Wiener bewise wat si drop hunn a sech déi 1. Plaz geholl. De Kölner Cercle misst sech, wei dat lescht Joer schonn, mat der 2.Plaz zefridde ginn an d'Innsbrucker sinn op déi 3.Plaz komm.

Mëttwochs ass et du weidergaang mam Fussball. D'Student:inne vu Wien hunn näischt ubrenne gelooss a sech den zweete Pokal geséchert. Nieft hinnen um Podium stoungen d'Bréisseler (2.Plaz) an déi Freiburger (3.Plaz).

De Gesamtpokal goung dëst Joer u Wien, déi bei 2 Sportaarte gewisen hu wat si kennen. Den Zuschauerpokal huet den LSM gewonnen, déi souguer e klengen Orchester derbäi haten.

Dofir nach emol ee groussen Merci u jiddereen deen dozou bäigedroen huet! Mir kucken och ganz gespaant no viir a freeën ons erëm jiddereen erëmzegesinn, awer och all déi nei Gesiichter wëllkomm ze heeschen! Esou fënnt den Tournoi de Noël dëst Joer den 22. an 23. Dezember statt.

**Méi Informatiounen ennert: acel.lu/tournoi-de-noel/**

**Félix Mertens**
**Vizepresident Regruppement**

~~Gen Z ? Gen Alpha ?~~
Gen solidaire !
TES DROITS • TA VOIX • TON LCGB
Ton avenir mérite un syndicat fort
DEINE RECHTE • DEINE STIMME • DEIN LCGB
Deine Zukunft verdient eine starke Gewerkschaft
INFO@LCGB.LU | WWW.LCGB.LU
LCGB.LU | lcgb_luxembourg | LCGB
LCGB
Gratuit pour les étudiants ! Plus d'infos sur lcgb.lu ou scanne le code QR
Für Schüler und Studenten gratis!
Mehr auf lcgb.lu oder scanne den QR Code

ZOOM 2026 — D'STUDENTENZEITUNG VUN DER ACEL 11

# STUDENTE-FOIRE 2026

40e ÉDITION

**29 OCT. 2026**
→ 9h - 18h


**30 OCT. 2026**
→ 9h - 16h

**COQUE**
LUXEMBOURG – KIRCHBERG

## Contacts


**Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur**
*18-20, montée de la Pétrusse*
*L-2327 Luxembourg*
*+352 24788650*
*studentefoire@mesr.etat.lu*
*mengstudien.lu*

**Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois – ACEL**
*contact@acel.lu*
*acel.lu*


Découvrez le plan de la Foire en digital

## Les espaces de la Foire de l'Étudiant

**1 — ÉTUDES / LUXEMBOURG**
Découvre les formations proposées au Luxembourg.

**2 — ÉTUDES / INTERNATIONAL**
Explore les possibilités d'études dans différents pays.

**3 — ENGAGEMENT & VOLONTARIAT**
Découvre les possibilités d'engagement citoyen, de bénévolat et de mobilité.

**4 — PROFESSIONS & CARRIÈRES**
Rencontre des professionnels et informe-toi sur les métiers qui t'intéressent.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

En collaboration avec ACEL de Studentevertrieder


ZOOM 2026 — D'STUDENTENZEITUNG VUN DER ACEL 11



## D'AIDEFI-REFORM

Seit dem 1. August 2026 ass dat neit Aidefi-Gesetz a Kraaft. No laange Verhandlungen si mir ganz stolz eisen Deel dozou bäigedroen a vill vun eise laangjärege Fuerderunge mat afléisse gelooss ze hunn. Fir d'ACEL ass dës Reform ee wichtege Schrëtt a mir si frou, dat mer vun Ufank u vum Héichschoulministère mat agebonne goufen a quasi all eis Fuederungen emgesaat sinn. Eng wichteg Etapp war dobäi och wéi 2024 Verhandlungen iwwer Upassunge vum Gesetz mat enger Declaration d'intention mam Héichschoulministère ofgeschloss goufen. 2025 gouf de Gesetzestext dann deposéiert an den 28. Juni dëst Joer an der Chamber gestemmt an ugeholl.

Eng zentral Neiheet betrëfft d'Käschten, déi mam Studium zesummenhänken. Nieft de klassesche Frais d'inscription können elo och aner Fraise berücksichtegt ginn, zum Beispill Käschte fir Sproochentester, Iwwersetzungen, d'Ëmrechnung vun Notten oder Candidature-Fraisen. Och beim Prêt gëtt et eng wichteg Verbesserung. D'Zënsen, de Student:in maximal bezuele muss, gëtt op 1,8 % limitéiert. Dat reduzéiert d'finanziell Belaaschtung nom Studium. Eng aner Neiheet ass d'Prime de réussite. Student:innen, déi e Studieprogramm erfollegräich ofschléissen an dofir op d'mannst ee Semester AideFi ënnert dem neie Gesetz kruten, kënnen eng Prime vun 250 Euro ufroen.

Fir Student:innen bleift et awer wichteg, sech gutt z'informéieren. D'Demande leeft iwwer MyGuichet, d'Fristen an d'Pièces justificatives musse respektéiert ginn, an och d'Reegelen zur Progressioun, Réorientation oder zum eegene Revenu kënnen Auswierkungen op d'AideFi hunn.

Aus Siicht vun der ACEL ass d'Reform insgesamt positiv ze bewäerten. Si bréngt méi Unerkennung fir reell Studie-Käschten, méi kloer Reegelen a Verbesserunge beim Prêt. Gläichzäiteg däerf se net als Schlussstréch gesi ginn. D'Liewenskäschten, Loyeren an international Studienfraisen entwéckelen sech weider, an d'AideFi muss och an Zukunft reegelméisseg un d'Realitéit vun de Student:innen ugepasst ginn. Och d'Situatioun vun den Doktorand:innen, déi an Zukunft net méi iwwer déi klassesch AideFi, mee iwwer en neien FNR-System gereegelt gëtt, muss weider genee am A behale ginn.

**Teo Schroeder**
**Comitésmember Representatioun**

## NEI FINANZÉIERUNG FIR DOKTORATER

Den Doktorat ass de leschte Schrëtt am akademesche Parcours an den héchsten Diplom, deen een erreeche kann. Och wann am Verglach zum Bachelor a Master manner Student:innen en Doktorat maachen, spillen Doktorand:innen eng wichteg Roll an der Fuerschung an Innovatioun. Fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat sech an dësem Beräich als Pionéier positionéiere wëll, ass et dofir wichteg, si gutt z'ënnerstëtzen an ze encadréieren.

D'ACEL begréisst an deem Kontext déi rezent Reform vum Fonds National de la Recherche (FNR). Mam neien AFdoc (Aide à la Formation doctorale) gëtt den aktuelle AFR (Aide à la Formation-Recherche) ofgeléist. Mee wat bedeit dat konkret fir Student:innen, déi en Doktorat maache wëllen?

Eng vun de wichtegsten Ännerungen ass, datt een d'Finanzéierung elo zweemol am Joer, am Abrëll an am November, ufroe kann. Gläichzäiteg gëtt d'Zuel vun de Finanzéierunge net méi limitéiert. Esou soll all pertinente Projet d'Méiglechkeet kréien, finanzéiert ze ginn, a méi Lëtzebuerger Student:innen sollen d'Méiglechkeet kréien, en Doktorat ze maachen.

Mat der Reform ginn Doktoratsstudent:innen aus dem AideFi-System erausgeholl, an de FNR iwwerhëlt d'Encadrement vun den Doktorand:innen. Fir déi, déi hiren Doktorat scho virun dëse Changementer ugefaangen hunn, gëllen Iwwergangsbestëmmungen.

Fir d'Student:innen esou gutt wéi méiglech iwwer dës Changementer ze informéieren an hinnen hir Méiglechkeete fir en Doktorat zu Lëtzebuerg oder am Ausland ze erklären, hu mir den 10. September zesumme mam FNR an a Präsenz vum Héichschoulminister e Webinar organiséiert. Iwwer 70 Participant:innen hunn deelgeholl a konnten hir Froen direkt un d'Expert:innen stellen.

D'ACEL begréisst dës Reform, déi d'Doktorand:innen besser ënnerstëtzen an d'Finanzéierung méi accessibel maache soll. An den nächste Jore wëlle mir dës Entwécklung weider begleeden an am enke Kontakt mat den Doktorand:innen bleiwen, fir ze kucken, wéi d'Reform an der Praxis ëmgesat gëtt a wat se konkret fir si verännert.

**Joao Borges**
**Comitésmember Representatioun**



ALIMENTATION MODE, SANTÉ, HYGIÈNE MÉCANIQUE **CONSTRUCTION & HABITAT**



( Signé par un·e Maître Artisan·e )

L'ARTISANAT FAÇONNE,
LA MAÎTRISE SIGNE.

Le **Brevet de Maîtrise** s'adresse aux passionnés désireux d'exceller dans leur savoir-faire, de créer leur entreprise et de transmettre leur empreinte unique.

Témoignages et informations sur le **Brevet de Maîtrise**

CHAMBRE DES MÉTIERS
BREVET DE MAÎTRISE

brevet.cdm.lu

# 25 JOER STUDENTEBAL



Den 3. Juli 2026 huet op der Wiss hannert dem P+R Bouillon nees den traditionelle Studentebal stattfonnt. Dëst Joer war et eng ganz speziell Editioun, well de Studentebal säi 25. Jubiläum gefeiert huet.

Wéi all Joer sinn nees eng ronn 4300 Student:innen aus de verschiddenste Stied, Schoulen an Unien zesummekomm fir mateneen ze feieren. Dobäi ass et egal, ob ee grad mam Lycée fäerdeg ass, schonn e puer Joer studéiert oder säi Studium am Ausland mécht – um Studentebal trëfft een ëmmer erëm bekannt Gesiichter a léiert och nei Leit kennen.

Och d'Studentecerclë waren erëm mat dobäi a konnten sech op hire Comptoiren mat eegene Special Drinks presentéieren. Am Ganze goufen et dëst Joer 30 verschidde Special Drinks, sou dass fir all Goût eppes dobäi war.


Passend zum 25. Jubiläum gouf et dëst Joer och eppes Neies vun der ACEL: d'MirACEL, eng Mirabellen-Drëpp, déi extra fir dës Jubiläumsausgab produzéiert ginn ass.

Eng weider Neierung war déi zweet Stage, de „Schlager-Lager". Do ass de ganzen Owend iwwer Schlagermusek gelaf. Nieft der Musek op der Mainstage hat een domat nach eng aner Optioun, an de Schlager-Lager huet fir eng ganz aner, awer genee esou gutt Stëmmung gesuergt.

Natierlech gouf et och dëst Joer nees eppes z'iessen, sou dass een tëscht Musek, Gedrénks an Danz och emol eng Paus beim Grillstand maache konnt. Genausou konnt een eng Paus beim Stand vum Gesondheetsministère aleeën, wou vun Gadgets, Informatiounsmaterial an fräiwëllegen Alkoholstester alles dobäi war.

No 25 Joer ass de Studentebal also nach ëmmer e feste Rendez-vous fir d'Lëtzebuerger Studentenzeen. Och dës Jubiläumsausgab huet nees gewisen, dass d'Evenement virun allem dovu lieft, dass Studenten aus ganz verschiddene Richtungen zesummekommen an einfach e gudden Owend matenee verbréngen.

**Cyril Wagner**
**Comitésmember Regruppement**




# RÄTSEL

Kanns du dem ACELi säi Léisungswuert fannen? Sich dofir déi 10 Begréffer! Klengen Tipp: all Äntwerte fënns du hei uechter d'Zeitung.

Wann s du d'Rätsel léise konnts, bréng et mat op d'Studentefoire a looss dir vun eis beim ACEL Stand däi Kaddo iwwerreechen.

1. Wou fënnt dëst Joer d'Studentefoire statt?
2. Esou heescht e vun eise Pilier'en:
3. Wéi e vun eisen Eventer fënnt ëmmer am Dezember statt?
4. Wéi heescht eis Drëpp, déi et um De Studentebal 2026 ze drénke gouf?
5. Wéi heescht déi grouss Reunioun vun de Lëtzebuerger Student:innen, an Europa?
6. A wéi engem Land ginn et déi meescht Lëtzebuerger Student:innen?
7. Déi wéivill Editioun vun der Studentefoire gëtt dëst Joer gefeiert?(ausgeschriwwen Zuelen)
8. Wéi eng Special Stage gouf et um Studentebal 2026?
9. Wéi vill Assemblée Générale vun der ACEL ginn et pro Joer?
10. Wéi heescht de Projet vun der ACEL wou d'Schüler:innen en Ableck an d'Studentelewe kréien?







# Ouni Stress studéieren!

**D'Première ass an der Täsch, an elo? Fir dass Dir an aller Rou Äert Studium oder Är Léier absolvéiere kënnt, huet LALUX en eenzegaartege Versécherungspackage entwéckelt, deen Äre Besoinen entsprécht.**

## Eng komplett Ofsécherung fir Äert Studium oder Är Léier

Säin Doheem ze verloosse fir an d'Ausland studéieren ze goen, kann eng grouss Erausfuerderung sinn. No der éischter Euphorie iwwer de gepackte Premièresexamen ass et un der Zäit fir akkurat ze plangen: den definitive Choix vun der Uni treffen, d'Kueren eraussichen, eng Wunneng fannen, nei Frëndschaften an engem internationalen Ëmfeld schléissen. Dobäi kënnt och nach d'Gestioun vum alldeegleche Liewen: den Haushalt maachen, Rechnunge bezuelen, Problemer mat der Internetverbindung léisen…



Dësen neie Liewensofschnëtt ass enorm spannend a fir dësen a vollen Zich ze genéissen, ass et wichteg alles gutt z'organiséieren, fir eventuell Iwwerraschungen am Zesummenhang mat Finanzen, der Wunneng oder der Gesondheet z'evitéieren. Mat easyPROTECT Discover schaaft LALUX Sécherheet fir d'Studenten an hir Elteren.

## Keng onerwaarten Iwwerraschungen

Dacks ass ee sech dem Oflaf vun den administrative Prozeduren am Studieland net bewosst. Wat maachen, wann Dir op eemol d'Zänn wéi hutt, krank gitt oder eng onerwaart Verletzung erleit? Wéi bezilt een déi noutwenneg medezinesch Consultatiounen, Medikamenter oder esou guer e Spidolsopenthalt? Oder wat geschitt, wann de Laptop op deem Dir Är Ofschlossaarbecht schreift de Geescht opgëtt, nodeems Dir de batter néidege Kaffi driwwer ausgeschott hutt? Wéi sollt Dir virgoen, wann Dir Äre Smartphone geklaut kritt?

**easyPROTECT Discover** ass eng Versécherungsléisung, déi speziell fir Studenten, Léierbouwen a -meedercher ënner 27 Joer, déi egal wou an Europa studéieren, entwéckelt gouf. De Basisschutz ëmfaasst dobäi déi privat Haftflicht, de Schutz vun der Wunneng géint Waasser- a Feierschied, Glasbroch a Schied un de Miwwelen. Esou eng Ofdeckung ass a ville Länner obligatoresch, wann Dir eng Wunneng oder en Zëmmer loune wëllt.

## Eng komplett international Ofsécherung

Zu der genannter Basisgarantie kënnen och nach aner optional Schutzmoossnamen ofgeschloss ginn. Dozou gehéiert déi weltwäit Ofsécherung vun Ären informatesche Geräter (Laptop, Smartphone etc.) viru Broch an Déifstall. Eng zousätzlech medezinesch Ofsécherung kann an deene Länner sënnvoll sinn, an deenen déi gesetzlech Krankeversécherung nëmmen en Deel vun der medezinescher Versuergung oder Zänndoktere rembourséeirt. Eng schwéier Erkrankung oder den Doud vum Student oder engem vun den Eltere kann zu engem fréizäitegen Ofbroch vum Studium féieren. An dësem Fall kënnen d'Aschreiwungskäschte rembourséiert ginn. Och ginn an engem Noutfall d'Réckféierungskäschte vun easyPROTECT Discover iwwerholl. Wann d'Eltere scho LALUX-Client sinn, da kritt Dir op de komplette Versécherungspackage interessant Reduktiounen.

Wann de Student d'Chance op en Auslandssemester op engem anere Kontinent maache kann, kann d'IT- an d'Krankeversécherung fir e limitéierten Zäitraum och op ausserhalb vun Europa erweidert ginn.

easyPROTECT Discover gëtt et zënter 2017. Et ass déi éischt an eenzeg Komplettléisung zu Lëtzebuerg fir Studenten, Léierbouwen a -meedercher.

Méi Informatiounen a Präissimulatioune fir easyPROTECT Discover:

www.easydiscover.lu









## INTERCERCLEN & BALER

Iwwert dat ganzt Joer sinn d'Cerclë vun der ACEL fläisseg um Plangen a Virbereeden fir sou munch Eventer. Vill Cerclen organiséiere Baler an Intercerclen, déi net nëmme fir hir Memberen mee fir jidderee geduecht sinn.

Baler fannen dat ganzt Joer iwwer statt, mee déi eigentlech Balsaison ass am Dezember, wann déi meescht Student:innen souwisou schonn a gudder Feierlaun sinn. Och ronderëm d'Ouschtervakanz, wann nees méi Student:innen de Wee zeréck op Lëtzebuerg fannen, gëtt deen een oder anere Bal organiséiert. D'Cerclë ginn sech vill Méi, fir e flotten Owend op d'Been ze stellen, fir sech zesummen ze amuséieren an och mol bekannte Gesiichter erëmzegesinn. Konkret war dëst 2025/2026 op follegende Baler méiglech: den 25.10 um Oochener, den 19.12 um Kölner, den 22.12 um Freiburger, den 28.12 um Bréisseler, den 26.12 um Zürecher, den 5.4 um Münchner, den 10.4 um Éisträcher an ofgerond huet d'Schouljoer De Studentebal den 3.7.

Ofgesi vum Feiere gëtt et awer nach vill méi, wat déi verschidde Cerclen den anere Student:innen wëlle weisen, sief et d'Kultur an hirer Studentestad oder d'Méiglechkeet, sech géigesäiteg am Sport ze moossen. Ganz oft gëtt dofir e ganze Weekend geplangt, fir dass d'Student:innen, déi op Besuch sinn, och wierklech vun der wäiter Urees profitéiere kënnen.

Dës Intercerclen kënne ganz ënnerschiddlech Gréissten hunn, mol méi familiär mat ëm déi 20, mol mat e puer honnert Student:innen. Si fanne ganz reegelméisseg statt, dass een am Ganze mat méi wéi 20 esou Eventer pro Joer rechne kann.

Vun engem Späti-Tour duerch Berlin, enger Wäindegustatioun zu Würzburg bis hin zu spezielle Fester wéi „Rhein in Flammen" zu Bonn, dem Karneval zu Köln, dem Oktoberfest zu München oder dem Kingsday zu Maastricht, d'Cerclë bréngen de Student:innen hir Stad an hir Traditioune méi no.

Mee dat ass nach laang net alles wat d'Student:innen unzebidden hun. Sport ass an de leschte Joren ëmmer méi zum Trend ginn, an dat mierkt een och an der Cercelswelt. Ëmmer méi Tournoie ginn organiséiert, bei deenen d'Student:inne sech ënnertenee moosse kënnen. Vum klassesche Fussball zu Léck, an der Schwäiz oder bei de Stroossbuerger, iwwer Beachvolleyball zu Kaiserslautern, Spikeball zu Freiburg, bis hin zum Schifueren an de Bierger oder dem klassesche Béierpong deen a ville Studentestied ëmmer erëm um Programm steet. Bei den Intercerclen léisst sech also mëttlerweil bal alles fannen. Esou bidden d'Intercerclen net nëmmen eng flott Ofwiesslung vum Alldag, mee virun allem d'Méiglechkeet, nei Leit, Stied an Traditioune kennenzeléieren.

**Sarah Goedert**
**Comitésmember Regruppement**

## VIRSTELLUNG VUN DEN NEIE CERCLEN

Fir vill Lëtzebuerger Student:innen heescht studéieren an en anert Land plënneren an sech do en neit soziaalt Liewen opbauen. Fir den Ufank an neie Stied a Länner ze vereinfachen, spillen d'Studentecercle vun der ACEL eng wichteg Roll. D'Cercle bréngen déi Lëtzebuerger Student:innen an hirem neien Alldag zesummen, hëllefe bei der Integratioun a suerge fir e Stéck Lëtzebuerg am Ausland.

Déi iwwer 40 aktiv Cerclen, déi sech op 11 Länner verdeelen, kruten am Laf vum leschte Joer, op den zwou Assemblée-Généralen vun der ACEL, Zouwuess duerch dräi neier:

LUXÉIRE – Lëtzebuerger Student:innen an Irland gouf 2025 gegrënnt a bréngt Lëtzebuerger Studenten zesummen, déi an Irland studéieren. De Cercle wëll virun allem eng Gemeinschaft schafen an där nei Student:innen hir Froe beäntwert kréien. Nieft prakteschen Informatiounen an Ënnerstëtzung bei der Integratioun an dat irescht Studenteliewen, gehéieren och sozial a kulturell Aktivitéiten zum Programm. Ënnert anerem organiséiert d'LUXÉIRE Aktivitéite ronderëm Saint Patrick's Day, Stammdëscher, Ausflich an organiséiren, zesumme mat der Lëtzebuerger Ambassade zu Dublin, e Wëllkommenspatt.

Och zu Lille hunn d'Lëtzebuerger Student:innen zanter 2025 hiren eegene Cercle LILLE – Liaison Interuniversitaire à Lille des Luxembourgeois en Escale. Si hunn sech als Zil gesat, d'Student:innen zesummenzebréngen an sech géigesäiteg am Alldag ze ënnerstëtzen. Nieft kulturellen a gesellegen Aktivitéiten spillt de familiären Austausch eng zentral Roll. Reegelméisseg Stammdëscher, Pub-Quizzen, Darts, Lafaktivitéiten oder e gemeinsame Co-Voiturage gehéieren zu den Aktivitéite vum Cercle.

Zu Namur huet den LSN – Lëtzebuerger Studenten zu Namur eng vill méi laang Traditioun. Den Numm vum Cercle fënnt sech schonn an eeleren ACEL-Studenteguiden aus den 2000er Joren. Dëst Joer huet den LSN säi Comeback gefeiert an ass nees aktiv ginn. Op der Summer Assemblée Générale 2026 gouf de Cercle och offiziell an d'Cerclewelt vun der ACEL opgeholl.

Ob Irland, Nordfrankräich oder Wallonie: Déi dräi Cercle weisen op hir eegen Aart a Weis, wéi wichteg de Kontakt tëscht Lëtzebuerger Student:innen och ausserhalb vum Land ass. Wärend LUXÉIRE a LILLE nach jonk Cercle sinn, kann den LSN op eng méi laang Geschicht zréckblécken. Mee all hunn see ee gemeinsame Wonsch: Wäit ewech vu Lëtzebuerg net eleng ze sinn.

**Yola Savic**
**Comitésmember Regruppement**



# PRESENTATIOUN VUN DE MEMBERS-CERCLË VUN DER ACEL

## FACHSPEZIFESCH CERCLEN

### ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine
**contact@alem.lu**

### ALEP
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie
**contact@alep.lu**

### ALES
Association Luxembourgeoise des étudiants en sport
**info@ales.lu**

### ALESPS
Association Luxembourgeoise des Etudiant*es en Sciences Politiques et Sociétale
**contact.alesps@gmail.com**

### ALSEP
Association Luxembourgeoise Socio-éducative et pédagogique
**alsep.comite@gmail.com**

### ANEIL
Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois
**contact@aneil.lu**

### ANELD
Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit
**contact@aneld.lu**

### ANESEC
Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales
**info@anesec.lu**

### HISTORIC.UL
Association des Etudiants en Histoire du Luxembourg
**historic.ul1@gmail.com**

### JONK BAD
Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Studenten
**info@jonkbad.lu**

### NSA
Luxembourg Nursing Student Association
**contact@nsaluxembourg.lu**

## LÄNNERSPEZIFESCH CERCLEN

### DÄITSCHLAND

#### AELK
Amicale des Etudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
**contact@aelk.lu**

#### ALESONTIA
Lëtzebuerger Studenten zu Bonn
**kontakt@alesontia.lu**

#### AVL
Akademischer Verein d'Lëtzebuerger
**comite@avl.lu**

#### LSB
Lëtzebuerger Studenten zu Bingen
**ls-bingen@outlook.de**

#### LSC
Lëtzebuerger Studenteclub Cölln
**lsc.comite@gmail.com**

#### LSD
Lëtzebuerger Studenten zu Düsseldorf
**lsdcomite@gmx.de**

#### LSF
Lëtzebuerger Studenten zu Frankfurt
**letzfrankfurt@gmail.com**

#### LSH
Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg
**lsh.comite@gmail.com**

#### LSK
Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern
**comite@lsk.lu**

#### LSM
Lëtzebuerger Studenten zu München
**comite@lsm.lu**

#### LSS
Lëtzebuerger Studenten zu Saarbrécken
**lss.comite@outlook.com**

#### LST
Lëtzebuerger Studenten zu Tréier
**comite@lst.lu**

#### LSWÜ
Lëtzebuerger Studenten zu Würzburg
**lswue.info@gmail.com**

#### SLUF
Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
**comite.sluf@gmail.com**

#### VLIB
Verein Luxemburger Studenten in Berlin
**comite.vlib@gmail.com**





### FRANKRÄICH

#### AELP
Association des Etudiants Luxembourgeois à Paris
**contact@aelp.lu**

#### ALUS
Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
**contact@alus.lu**

#### CELM
Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Montpellier
**celm.comite@gmail.com**

#### ELAN
Etudiants Luxembourgeois à Nancy
**elan.comite@gmail.com**

#### LËTZ'AIX
Association des Etudiants Luxembourgeois à Aix-en-Provence
**comite@letzaix.com**

### BELSCH

#### CELB
Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Bruxelles
**comite@celb.lu**

#### CELBAS
Cercle des Etudiants Luxembourgeois de Bastogne
**celbas2014@hotmail.com**

#### GDL
Grand-Ducale à Louvain-la-Neuve
**grand-ducale@hotmail.com**

#### LËSTLÉ
Lëtzebuerger Studenten zu Léck
**comite@lestle.lu**

### HOLLAND

#### RLA
Roud Léiwen Amsterdam
**comite.rla@gmail.com**

#### LSMAAS
Lëtzebuerger Studenten zu Maastricht
**comite.lsmaas@gmail.com**

### LËTZEBUERG

#### LSL
Lëtzebuerger Studenten zu Lëtzebuerg
**lsl.comite@outlook.com**

### ÉISTRÄICH

#### LSI
Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck
**contact@lsi-students.at**

#### LSW
Lëtzebuerger Studenten zu Wien
**lsw@lsw.lu**

### GROUSSBRITANNIEN

#### SLSB
Society of Luxemburgish Students in Britain
**slsbritain@gmail.com**

### SCHWÄIZ

#### AELL
Association des Etudiants Luxembourgeois à Lausanne
**aell.comite@gmail.com**

#### FRIBLËTZ
Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg
**comite@fribletz.lu**

#### LSSG
Lëtzebuerger Studenten zu St.Gallen
**lsstgallen@gmail.com**

#### LSZ
Lëtzebuerger Studenten zu Zürech
**comite@lsz.lu**

## NEI CERCLEN

#### LILLE
Liaison Interuniversitaire à Lille des Luxembourgeois en Escale
**contact@lille.lu**

#### LSN
Lëtzebuerger Studenten zu Namur
**kontakt.lsn@outlook.com**

#### LUXÉIRE
Lëtzebuerger Studenten an Irland
**contact@luxeire.lu**

# The bridge to your freedom

SPUERKEESS.LU/**axxess**




## Ta carte
## Ton compte
## Tes avantages

**STUDY**

Pour les étudiants de 18 à 30 ans

axxess

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, R.C.S. Luxembourg B30775, 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, Tél. : +352 4015-1